

D'Leidelenger Leit sollen d'Wuert kréien

Organisatioun vun engem Referendum iwwert de Walbezierkswiessel vun der Gemeng Leideleng fir de 26. Mee 2019 uviséiert

Zesumme fir Leideleng an d'DP-Sektioun Koplescht-Briddel hunn op enger Pressekonferenz eng ganz Rei Argumenter presentéiert firwat eiser Meenung no Leideleng an och Koplescht éischer an de Walbezierk Zentrum wéi an de Walbezierk Süde gehéieren. Koplescht hat den 8. Oktober 2017 schonns e Referendum organiséiert wou 63% vun de Leit sech fir e Bezierkswiessel ausgeschwat hunn.

„Deputéiert sinn an der Reegel an „hirem“ Walbezierk ënnerwee. Wéi sollen d'Leit mat den Deputéierten aus hirem Walbezierk an d'Gespréich kommen, wann hire Liewensmëttelpunkt guer net an deem Bezierk ass?“, sou eise Gemengeconseiller Lou Linster. Doriwwer eraus setzen sech Deputéiert oft fir lokal Interêten an, wat allerdéngs schwierig ass, wann se déi lokal Problemer guer net kennen. De Kopleschter Buergermeeschter Carlo Schmit wërft d'Fro op, wéi en Deputéierte vu Schëffleng oder Esch d'Verkëiersproblemer vu Koplescht-Briddel kenne kann.

Iwwer 50% vun de Leidelenger Salariéë schaffen an der Stad Lëtzebuerg

Ronn 550 Leidelenger schaffen an der Stad Lëtzebuerg, wat iwwer 50% vun alle Leidelenger Salariéë sinn. Rechent een déi Leit déi an aneren Zentrums-Gemenge wéi Bartreng oder Stroosse schaffen, kann een dorausser schléissen, datt nëmmen eng Minoritéit vun de Leidelenger Salariéen am Süde schaffen.

Och a punkto ëffentlechen Transport ass Leideleng bedeitend besser un d'Zentrums- ewéi un d'Südregioun ugeschloss. Sou verbënnt d'AVL-Linn 4 Leideleng am 20-Minuten-Takt mat der Stad. Och existéiert en direkte Schoulbus op de Campus Geesseknäppchen. Eng TICE-Verbindung oder e Schoulbus op Esch gëtt et zu Leideleng allerdéngs net.

Gréisser Infrastrukturprojeten déi d'Regierung an den nächste Joren an a ronderëm Leideleng ëmsetze wëllt, fokusséieren sech staark op d'Stad Lëtzebuerg, sief et d'Verlängerung vum Tram op Leideleng aus Richtung Cloche d'Or respektiv Porte de Hollerich oder de Bau vum Boulevard de Cessange/Merl. „Dës Projete wäerten e staarken a warscheinlech positiven Afloss op d'Leidelenger Verkëierssituatioun hunn“, sou de Lou Linster.

Leidelenger Schäfferot huet Affiliatioun un de Gemengesyndikat Pro-Sud refuséiert

Am Summer 2018 huet de Leidelenger Schäfferot refuséiert a Gespréicher iwwert eng eventuell Affiliatioun vun der Gemeng Leideleng un de Gemengesyndikat Pro-Sud anzetrieden, dëst mam Argument et géif een sech dem Zentrum méi no spieren. Leideleng forméiert zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, Bartreng Stroossen an Hesper de Verbond „DICI Sud-Ouest“. D'Memberschaft am DICI erlaabt et der Gemeng sech 2019 un de „Vel'oh's“-Reseau unzeschléissen. Weider verbënnt d'DICI-Buslinn 226 Leideleng mat Bartreng an Hesper.

An enger informeller Ëmfro déi Zesumme fir Leideleng de 14. Oktober virum Leidelenger Walbüro duerchgefouert hat, hunn iwwer 58% vun den am Ganzen 127 Befroete gesot, si géifen sech éischer vun Zentrums- ewéi vu Süd-Politiker representéiert fillen a ronn 77% vun de Befroten hunn sech fir d'Organisatioun vun engem lokale Referendum ausgeschwat.

Zesumme fir Leideleng wäert eng Motioun am Gemengerot abrénge

An enger Motioun wäert Zesumme fir Leideleng dem Gemengerot an der nächster Sitzung virschloen de 26. Mee 2019 e Referendum ze organiséieren, zäitgläich mat den Europawalen. Sollt sech am Gemengerot keng Majoritéit dofir fannen, wäert eng Ënnerschrëftenaktioun gestart ginn. D'Gemeengegesetz seet, datt an enger Majorzgemeng d'Ënnerschrëfte vun engem Véierel vun de Wieler duergeet, fir e lokale Referendum ze organiséieren.

De Lou Linster betount, datt et virun allem dorëms geet, datt d'Leidelenger Bierger d'Wuert kréien an esou Kloerheet geschaf gëtt ob eng Majoritéit vun de Leidelenger esou e Wiessel wëll oder net. Mee wat géif dat heeschen, wann eng Majoritéit vun de Leidelenger sech fir esou e Bezierkswiessel ausschwätze géif? An der Verfassung ass festgehalten aus wéi enge Kantone sech déi eenzel Walbezierker zesumme setzen. D'Zesummesetzung vun de Kantonen allerdéngs gëtt per Gesetz bestëmmt a kéint deemno ouni Problem vun der Chamber geännert ginn.

Lokal Referende mussen vun der Politik eescht geholl ginn

Doduerch datt Lokal Referenden nëmmen e consultative Charakter hunn, ass weder d'Chamber nach d'Regierung forcéiert sech mat de Resultater vun esou Referenden ze befaassen. De Gemengeconseiller Lou Linster an och de Buergermeeschter Carlo Schmit ënnersträichen, datt, wa Politiker egal vu wéi enger Partei ëmmer nees betoune wéi wichteg de Wielerwëlle wier, et net ka sinn, datt sech mat de Resultater vun esou Referenden net weider ausernee gesat gëtt.